N°2635
Entrée le 25.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2635 vum 22. Juli 2025 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Nathalie Morgenthaler.**

*1. Bei wéi vill Leit gouf an de leschten 12 Méint d'Diagnos Burn-out gestallt?*

*2. Wat fir Alterskategorië waren am meeschte betraff?*

*3. Wéi hunn sech dës Zuelen an de leschte 5 Joer verännert?*

*4. Wéi vill Leit hu misse wéinst Burn-out krankgeschriwwe ginn a wéi laang?*

Aktuell gëtt et am Cahier des charges tëscht der CNS an der AMMD kee spezifesche Code diagnostic fir de Burn-out oder den "Occupational phenomenon" deen Doktere kéinten um Krankeschäin uginn. Ënnert dem Code 78 – „Dépression" kënne verschidde psychesch Erkrankunge falen, hei gëtt et keng weider Granulatioun fir de Burn-out. An der Lëscht „Affections de longue durée" erlaabt de Punkt 23 – „Troubles dépressifs récurrents ou persistants chez l'adulte" am Kontext vum Médecin référent verschidden „troubles dépressifs" ze erfaassen, mee ouni Gewëssheet ob et sech em ee Burn-out handelt. Dowéinst kann de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet och keng genau Zuele liwweren.

*5. Wéi wäit iwwerhëlt d'Gesondheetskeess d'Käschten am Fall vun enger Burn-out Diagnos?*

Et gëtt kee Code diagnostic fir de Burn-out, mee d'Konsequenze vun engem Burn-out, wei zum Beispill Krankeschäiner am Kader vun enger Depressioun, gi vun der Gesondheetskeess (CNS) iwwerholl.

*6. Denkt d'Regierung driwwer no, de Burn-out als Beruffskrankheet unzeerkennen, vu datt d'WHO en als „Occupational phenomenon" definéiert?*

D'WHO huet 2022 an der 11. Versioun vun der "International Classification of diseases (ICD11-QD85)" de Burn-out follgender moossen definéiert:

- Burnout ass e Syndrom den duerch chronesche Stress ob der Aarbechtsplaz ervir geruff gëtt an den net erfollegräich konnt bewältegt ginn. En zeechent sech duerch 3 Facteuren aus.
  1. Gefill vun Erschëpfung a Manktem un Energie
  2. Eng gesteigert mental Distanz zur eegener Aarbecht oder ee Gefill vun Negativismus bezéiungsweis Zynismus betreffend déi eegen Aarbecht
  3. Gefill vun engem Manktem u Leeschtungskapazitéit

- Burnout bezitt sech spezifesch op Phenomeener an Zesummenhang mam Beruff a sollt net geholl gi fir Erliefnesser aus anere Liewensberäicher ze beschreiwen.

- Net dorënner falen:
  1. Upassungs-Stéierungen (6B43)
  2. Stéierungen déi speziell mat Stress a Verbindung stinn (6B40-6B4Z)
  3. Angscht Stéierungen
  4. Affektiv Stéierungen (6A60-6A8Z)

Aktuell gi keng Demarchë gemaach fir de Burn-Out als Beruffskrankheet unzeerkennen. Den ICD-10 respektiv den zukünftegen ICD-11 huet genuch Diagnosen an deenen déi klinesch Symptomer déi am Kader vum Burn-out opgezielt ginn, aklasséiert kënne ginn. Et ass wichteg, dass een eng Diagnos vum „Burn-out" net sollt liichtfäerteg stellen, dëst soll am Beschten vun engem Spezialist (Psychologe/Psychiater) gestallt ginn, deen och d'Méiglechkeete vun den Differentialdiagnosen gekuckt huet.

*7. Ass d'Regierung bereet, eng spezifesch Etüd zum Thema Burn-out ze maachen, fir méi genee Donnéeën ze kréien?*

De Moment ass keng sou eng Etüd geplangt.

Verschidden Initiative fir Leit di vum "Burn-out" betraff si mi genee ze begleede gi vun Entreprisen, konventionéierten Asbl'en an aneren Acteure geholl. An deem Kader verweise mer zum Beispill op eng Initiativ vun der *Association pour la santé au travail des secteurs Fertiaire et Financiers* (ASTF). Am Kader vun dësem Service goufen 2024 eng 35 Läit betreit déi vun engem Burn-out betraff waren, an dëst duerch ee spezifesche Pilot Programm (Lighthouse), dee vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet finanziell ënnerstëtzt gëtt. Béi dësem Programm, dee méi wéi 3 Méint dauert, kënnen déi betraffe Leit vun engem medezinesche Check-up, enger psychologescher Betreiung, Sophrologieseancen a Gespréichsgruppen gebrauch maachen. (cf. Annexe: Brochure *"Comment garder le cap face à l'épuisement professionnel? – Light House – Un programme au service de votre reconstruction"*).

Lëtzebuerg, den 25. August 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez